MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion

Mir kommen elo zur Motioun 1 vum Här Robert Garcia, déi vun alle Fraktiounen, dat heescht vun den Häre Graas, Jaerling, Schank a Wohlfart ënnerschriwwen ass an d'Mme Minister huet och näischt drun auszesetzen.

Den Här Rippinger huet d'Wuert.

M. Jean-Paul Rippinger *(DP).-* Här President, ech muss awer berichtegen. D'Mme Minister huet net gesot, dass se näischt drun auszesetzen hätt. D'Mme Minister huet gesot, si wier net konzernéiert, sondern et wier éischter de Bauteministère, dee konzernéiert wier. Mir hu guer kee Problem déi Motioun do ze ënnerschreiwen, well den Här Schank se och ënnerschriwwen huet.

Vote

M. le Président.- Wien ass d'accord mat där Motioun?

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, déi Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zur Motioun vum Här Garcia iwwert de Fonctionnement vum zukünftege Réidener Lycée, déi gëschter déposéiert ginn ass.

3. Projet de loi 4736 relatif à la deuxième phase d'agrandissement du Lycée du Nord à Wiltz *(Suite)*

Motion 1

M. Robert Garcia *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech hat déi Motioun scho viru 14 Deeg déposéiert a si ass also schonn e bësse méi laang am Collimateur.

Ech wëllt d'Mme Brasseur dohigehend berouegen, vu dass de Wuertlaut quasi d'selwecht ass wéi déi Motioun, déi si virun dräi Joer och matgestëmmt huet. Et ginn zwou Méiglechkeeten. Entweder huet si par rapport zum Projet pédagogique hir Meenung geännert, wat ech net gleewen, oder si interpretéiert dës vläicht anescht wéi deemools.

Deemools war meng Meenung och, dass een net soll engem Etablissement d'emblée an engem Gesetz virschreiwe wéi een e Projet pédagogique soll duerchféieren, mä em einfach déi Méiglechkeet ginn. Wéi dee Projet pédagogique ausgesäit, soll effektiv vun deene Konzernéierten, allerdéngs net nëmmen de Professeren, déi et jo nach an deem Lycée net gëtt, mä och vum Ëmfeld décidéiert ginn. Mir hunn ëmmer gesot, d'Schoul soll sech op d'gesellschaftlecht Ëmfeld vun der Regioun a vun de Betriber öffnen. Dofir hunn ech an dëser Motioun och geschriwwen „prenant notamment compte des demandes spécifiques des communes et des forces vives de la région", well ëmmer gesot ginn ass, d'Schoul soll sech fir d'gesellschaftlecht Ëmfeld opmaachen.

De Lycée Aline Mayrisch ass doran e bësse spezifesch, well déi Schoul huet jo schonn deelweis fonctionnéiert, ier se richteg opgaangen ass. Dat heescht, do gouf et schonn eng Phase de préfiguration, wou eigentlech déi Enseignanten an de Projet konnte matagebaut ginn.

Hei ass et awer esou, wa mer elo de Lycée am Kanton Réiden bauen a mir maache gläichzäiteg e Projet de contenu, da ginn déi Proffen, déi herno do enseignéiere sollen, duerch en normale Rekrutement bestëmmt, entweder doduerch dass se attachéiert ginn un e bestehende Lycée oder dass se sech do kënne mellen.

D'Iddi hei ass, dass wann een d'emblée an engem Projet seet, de Projet vu Réiden ass net einfach en normale Lycée, da melle sech de préférence do Leit, déi och motivéiert sinn, well d'Mme Minister seet, et wären net all Enseignanten der Meenung, dass all Schoul misst en eegene Profil hunn.

Si huet jo selwer gesot, dass et e gudden Deel vun Enseignantë gëtt, déi soen, all Schoul misst d'selwecht sinn.

Wann een also wëllt aus engem neie Lycée e bësse méi en originelle Projet maachen, deen och der Regioun mat hire spezifesche Bedürfnisser entgéint kënnt, sinn ech der Meenung, dass een an deem Projet de contenu net einfach soll dra schreiwen, dass en en Direkter, e Sous-direkter, e Portier, eng Schwämm an eng Bibliothéik huet, mä dass een do scho soll definéieren, net wéi e Projet pédagogique dora kënnt, mä dass awer e Projet pédagogique fir dee Lycée soll virgesi ginn. Méi seet déi Motioun net aus. Ech wëll mech och dergéint wieren, fir iergendengem Lycée elo hei aus eisem Vase clos wëlle fënnef Joer am Viraus e Projet pédagogique ze octroyéieren.

Esou ass déi Motioun ze verstoen, net méi an net manner.

M. le Président.- Den Här Aloyse Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Wann ee verlaangt, Här President, dass och d'Léierpersonal eis Jugend soll sensibiliséiere fir Ëmwelt- an Energieproblemer, wa se an der allgemenger Politik ëmmer méi Bedeitung kréien, dann ass et fir d'Schüler net verständlech, dass

wa se an en neit Gebai kommen, déi Prinzipien do, wou mer jo kënnen entscheede wéi se gebaut ginn, net géifen applizéiert ginn.

(Interruption)

Vu watfir enger Motioun schwätze mer dann elo? Ass dat net déng?

Ech hunn eng Motioun 1 kritt iwwer Réiden.

(Interruptions diverses)

Dann ass et gutt. Da gëtt déi spéider behandelt.

M. le Président.- Den Här Georges Wohlfart huet d'Wuert gefrot.

M. Georges Wohlfart *(LSAP).-* Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären. Ech wollt, nodeem d'Mme Minister Stellung geholl huet zum Lycée vu Mamer, awer ganz kuerz eppes kloerstellen.

Selbstverständlech ass deemools an der Regierung décidéiert ginn - an ech stinn och nach haut voll zu där Décisioun, well soss hätt ech jo de Projet net matgestëmmt -, fir zu Mamer e Lycée ze bauen. Dat war eng éischt Décisioun am Kader vun der Dezentraliséierung, déi mer haut alleguer ënnerstëtzen.

(Interruption)

Här Rippinger, Dir verléiert näischt, wann Der eng Minutt géift nolauschteren. Da wësst Der, firwat dass ech dat hei wëll soen.

(Interruption)

Ech hunn awer d'Recht ze schwätzen nodeem d'Mme Minister hei viru mir um Pult stong. Dat ass nach ëmmer d'Recht vun all Deputéierten.

Et ass eng richteg Décisioun gewiescht, an och wa mer d'Planungs- an d'Bauzäit kucken, da kann ee soen, dass et eent vun de positive Beispiller ass.

Firwat soen ech dat?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Mir hu viru 14 Deeg iwwert de Lycée Réiden geschwat an haut iwwer Mamer, a mir gesinn, dass verschidde Motiounen net kënnen direkt hei ofgestëmmt ginn, well gesot gëtt, deen ee Minister ass net kompetent, mä et ass deen aneren.

Ech wollt just soen, wann hei e Lycée gebaut gëtt, ass et selbstverständlech de Bauteministère, deen dofir zoustänneg ass, mä fir de Programm an de Contenu ass et awer net de Bauteministère, deen zoustänneg ass, mä ganz kloer dee Ministère, deen den Optrag ginn huet an dat ass dee vun der Education nationale.

A wann an der Tëschenzäit d'Orientatioun an d'Programmer geännert hunn, da wëll ech soen, dass dat awer net onbedéngt bei de Leit läit vum Bauteministère. Domat wëll ech keng Polemik maachen, mä dat eng Kéier richteg stellen.

Zur Motioun, déi den honorablen Här Garcia abruecht huet iwwert den zukünftege Fonctionnement an och de pedagogesche Profil vum Lycée vu Réiden, wat jo den Objet vun där Motioun ass, déi hie viru 14 Deeg hei abruecht huet, kann ech ganz kuerz sinn, well wann dat richteg ass, datt hei virun dräi Joer praktesch all Fraktiounen eestëmmeg eng ähnlech Motioun gestëmmt hunn, soen ech lech just, Dir Dammen an Dir Hären, Mme Minister, wann d'Argumenter deemools d'Deputéierten iwwerzeegt hu fir mat op dee Wee ze goen, an och den Här Garcia huet explizéiert, wéi hien dat wëllt an d'Gesetz abauen, da sinn déi Argumenter, déi ons deemools beweegt hunn esou eng Motioun ze stëmmen, och haut nach richteg an dofir bréngen ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu där Motioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Mir stëmmen of iwwert déi Motioun.

Vote

Wien dofir ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

Ech stelle fest, dass d'Majoritéit dogéint ass an domat ass d'Motioun ofgelehnt.

Mir kommen elo zum Projet de loi 4527, en Ofkommes iwwert déi duebel Besteierung mat der Ukraine.

D'Riedezäit ass nom Modell 0 festgeluegt.

Et sinn agedroen: déi Häre Krecké, Graas, Henckes a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupert.

4. Projet de loi 4527 portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de l'Ukraine tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Kiev, le 6 septembre 1997

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Den Zweck vun engem Duebelbesteierungsofkommes ass deen, fir d'Betriber an d'Leit vun deene Länner, déi d'Konventioun ënnerschreiwen, géint eng iwwerdriwwe Besteierung ze beschützen, déi de kommerziellen Echangen an den internationalen Investissementer schuede kënnt. Et ass kloer, datt bei esou enger Konventioun déi zwee Länner op steierlech Rentréeë verzichten.